



n° 2787

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Aïff Christian, 17-02, 08/09/2020

Lëtzebuerg, den 08/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Famill an Integreatioun weiderzeleeden.

Laut dem Aktivitéitsrapport 2019 vum FNS goufen Enn 2019 3.090 Persounen duerch den FNS mam *Revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH)* indemnisiéiert.

Den RPGH bedréit aktuell 1.502,91 € (n.i. 834,76) an ass domadder méi niddreg wéi d'Mindestpensioun no 480 Cotisatiounsméint ass. Dës bedréit aktuell 1.892,77 €.

Wann eng Persoun déi den RPGH krut an d'Pensioun antrëtt, da kann et virkommen, datt se ee Bescheid kritt, datt d'Pensioun während 3 Méint abehale gëtt, fir eventuell Réckfuerderunge vum FNS auszegläichen. Dëst, well net garantéiert ass, datt den FNS d'Paiement mat Zäite stoppt, wat dozou féiere kéint, datt d'Pensiounskeess (CNAP) eventuell kéint "duebel" ausbezuelen.

Wëssend, datt den RPGH mindestens 389,86 € méi niddreg ass wéi d'Mindestpensioun no 40 Déngschtjoren, reduzéiert dës Prozedur also während 3 Méint d'Akommes vu Leit, déi esou schonns mat engem klengen Akommes liewe mussen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen, déi den RPGH kruten, sinn an deene leschte 5 Joer (opgelëscht pro Joer) no 40 Cotisatiounsjoren an d'Pensioun gaangen?
2. A wéi ville Fäll huet d'CNAP eng Entscheidung getraff fir d'Pensioun anzehalen?
3. Géif et dem Ministère sënnvoll erschéngen, datt wéinstens den Differenzbetrag tëscht der Pensioun, déi zousteet, an dem RPGH, (respektiv der Mindestpensioun an dem RPGH) direkt auszebezuelen amplaz déi ganz Pensioun anzebehalen?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a large, sweeping 'C' followed by a horizontal line and a vertical stroke, resembling the letters 'C' and 'E'.

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 08 septembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 2787 du 08.09.2020 de Monsieur le Député Sven Clement -
Pension des personnes ayant droit au revenu pour personnes gravement handicapées

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois
afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés